# Beetebuerger Theaterfrënn a.s.b.l.

Beetebuerg, Oktober 2020

**Salut alleguer,**

Leider ass dëst keng üblech Theaternews, wou ech iech iwwer d'Aktivitéiten informéieren, déi de Veräin an den nächste Wochen organiséiert ☹ Mir wëllen iech trotzdeem um Lafenden halen, wéi et dëst Joer weidergeet.

## Theater am Hierscht

Schwéieren Häerzens hu mir decidéiert, fir den Theater am November / Dezember ofsoen. Et war ganz villes net kloer, wéi mir am September mat de Prouwe sollten ufänken an et war eis ze vill riskant fir alles ze organiséieren an et dann erëm eventuell missen ofzesoen. Ech hoffen dir hutt Verstees-de-mech dofir.

## Ausfluch

Vu dass den Ausfluch dëst Joer ausgefall ass, verleeë mir en op d'nächst Joer am September.

## Theater am Fréijoer + Concert HMB

Mir hoffen natierlech, dass mir d'nächst Joer am Fréijoer kënne spillen, mee leider kënne mir iech zu dësem Zäitpunkt (aus de bekannte Grënn) nach keng Garantie ginn, dass eppes wäert stattfannen. Mir halen iech awer natierlech um Lafenden, soubal mir méi wëssen.

Och de Concert „An 80 Deeg ronderëm d'Welt" vun der Musek, un deem mir sollten deelhuelen, war jo ofgesot ginn a soll eventuell elo d'nächst Joer am Fréijoer stattfannen. Affaire à suivre…


President
Alain LILTZ
☎ 621 759 628

E-mail:
theater@btf.lu

Vize-Presidentin & Sekretariat
Michèle SCHNEIDER
☎ 621 480 615

## Krimidinner 2022

Zum Schluss nach eppes Positives ☺ Am Kader vum Kulturjoer 2022 huet d'Gemeng eis gefrot op mir erëm e Krimidinner géife spillen. Mir hunn zougesot an de Comité ass fläisseg um Liesen (vu dass mir jo elo e bëssi Zäit hunn ☺) fir erëm e flott Stéck erauszesichen. An der Hoffnung, dass ee bis dohinner erëm méi grouss Manifestatioune kann organiséieren, kënnt Dir Iech alt schonn dorobber freeën.

*Mat ganz léiwe Gréiss a bleift alleguerte gesond!*
*Fir de Comité,*
*Michèle*